

Lëtzebuerg, den 23. September 2015



DEMOKRATESCH
PARTEI

Communiqué de presse

Ausseruerdentlechen DP-Kongress vum 28. November 2015

5, rue du St. Esprit
L-1475 Luxembourg

Tel. : 22 10 21
Fax : 22 10 13

dp@dp.lu
www.dp.lu

E Samschdeg, den 28. November, beriff d'Demokratesch Partei en ausseruerdentleche Kongress an.

Op deem Kongress gëtt en Tëschebilan vun der Aarbecht vun der Regierung gezu, ma och en Ausbléck op d'Prioritéite vun der Partei fir déi nächst Joere gemaach.

De Xavier Bettel huet decidéiert säi Mandat als Parteipresident néierzeleeën, esou datt eng nei Persoun op dese Posten gewielt gëtt.

Nodeems de Xavier Bettel vun 2009 un der Spëtzt vun der Fraktioun stoung, war hien zanter 2013 President vun der Liberaler Partei a säi Bilan ka sech weise loossen. De Xavier Bettel huet en aussergewéinleche Moderniséierungsprozess lancéiert. Hien huet d'DP mat Succès aus der Opposition an d'Responsabilitéit gefouert a personell erneiert, andeem 6 nei Deputéiert vun der DP an d'Chamber komm sinn. Hien huet d'Partei an deene läschten 2 Joer weider geleet an domadder fir déi néideg Kontinuitéit a Stabilitéit gesuergt.

De Xavier Bettel huet decidéiert seng ganz Kraaft an Energie alleng op seng Fonktioun als Premier ze fokusséieren. Déi Decisioun fällt och zu engem Zäitpunkt, wou Europa eng Kris no der anerer ze meeschten huet a wou d'Regierungsscheffe méi wéi jee gefuerdert sinn.

En vue vun de nächsten Erausforderungen ass de Xavier Bettel dovunner iwwerzeegt, datt d'Partei eng Persoun op deem Poste brauch, déi net nëmme politesch Kënnen, Iddien, Iwwerzeegungskraaft a vill Energie brauch, ma et och packt d'Partei inhaltlech weider ze entwéckelen an d'Parteistruktur weider ze stäerken. Eng nei Equipe soll elo déi néideg Zäit kréien, fir déi nächst wichteg Echéance virzebereeden.